



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse



Administration communale de Mertzig
22, rue Principale L-9168 Mertzig

Lëtzebuerg/Mäerzeg, de 06. Juni 2022

Schoulorganisation 2022-2023 // Keng Ännerung vum Schoulhoraire

Léif Elteren, Enseignanten a Mataarbechter aus der Maison relais,
Léif Schoukanner,

D'Gemeng Mäerzeg huet Ufank 2021 e partizipative Prozess lancéiert, an deem alleguerten d'Acteuren aus der Gemeng associéiert gi sinn, fir zesummen ze kucken, wéi d'Schoulorganisatioun an den Dagesoflaf vun de Kanner an Zukunft soll ausgesinn. Dobäi stinn d'Interesse vun de Kanner an hir Entwécklung am Méttelpunkt.

Dëse Prozess ass dëst Schouljoer virugaang mat der Ënnerstëtzung vum Educatiounsministère, dëst och am Hibleck op de "Projet intégré" Schoul – Maison Relais deen de Gemengerot den 21. Juni 2021 gestëmmt huet an deen aktuell nach ëmmer an der Ausschreiwungsprozedur ass ier de Chantier kann ufänken. De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend ënnerstëtzt och an de nächste Méint d'Bildungspartner zu Mäerzeg fir e Projet ëmzesetzen vun deem aner Schoulen am Land och léiere kënnen.

Ee vun den Elementer vun der Schoulorganisatioun ass weiderhin eng Adaptatioun vum Schoulhoraire. D'Ëmstänn hunn awer erginn dass trotz der Begleedung an der gudder Aarbecht an de Workshops dëse Chantier nach net ofgeschloss ka ginn. Eenzel Avise si nach net do sou dass de Steiergrupp vun der neier Schoul decidéiert huet och dat kommend Schouljoer nach ze notzen fir um Projet weiderzeschaffen.

Och fir d'Schoulrentrée 2022/2023 wäerten dofir nach den aktuelle Schoulhoraire an Dagesoflaf weiderhin applizéiert ginn, esou dass sech um Horaire fir déi kommend Rentrée näischt wäert änneren.

D'Gemeng Mäerzeg, d'Schoulpartner an de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend soen Iech Merci fir Äert Vertrauen an d'Gedold.

Fir d'Gemeng Mäerzeg,

Fir de Ministère fir Educatioun,
Kanner a Jugend,